# Die durchdriwe Niecen

Löschtegt Steckchen an 2 Akten ;

Perso'nen : Mattant
Viviane )
Colette ) hîr Nièecen
Setty )
Lina , en Dengschtmedchen .

I Akt

---

**I Szen :** ( d'Mattant ass eleng an der Stuff . Den Desch ass gedeckt fir Kaffi ze drenken : 4 Tâssen , Botter, a Bro't , a Kaffiskro' etc., Durf kè Kuch do stoen .

**Mattant :** Wo' sollen di Médercher nammel stiéchen ? Lo ass schon alles eng I/4 Stonn parat , a si kommen net . 'tAss eng gellig Plô matt dene Kanner . Ech froe mech wo' meng Schwester dât ganzt Joer matt hinnen êns get . Wann ech se nömme 4 Wochen am Summer hei hun , da sin ech erledigt . Ech brauch we'vill Wochen Zeit fir meng Nerven erem ze bero'igen . t'Ass kengem Mönsch ze soen , wât fir koppech Idéen se heiansdo am Kapp hun. Emmer sin s'am gång engem eng ze sticheten . Gin ech an de Keller,da spåren se mer Dîr zo' a si losse mech net me' eraus , bis ech hinne ver - sprach hun, wât se går hätten . Geschter hâten se et och eso' gemach an duerfir kre'en se haut kê Kuch. Eng Ke'er mussen se ower emol eng Strof kre'en .... Wât wärden s'elo biédelen .... Ma haut durf ech net nogin . .. Do kommen se jo endlich ......

**2.Szen :** ( De' drei Medercher kommen eragerannt )

**Viviane :** Do wire mer,Tatta ,op d' Minutt we' de Wecker ..

**Tatta :** Nennst du dât do op d'Minutt? An dobei kommt der 20 Minutten ze spe't .

**Colette :** So' genê kann ên dât net huelen .Mir hâten eppes Wichtiges mattenên ze bespriechen .

**Tatta :** Dât ka mer eppes Sche'nes gewiescht sin .Kommt sötzt iech se'er , de Kaffi ass scho bâl kâl.

**Setty :** A wo' ass de Kuch , Tatta ?

Colette : ( sprengt op ) Ech gin e sichen .

Tatta : ( hâlt et un ) Du kanns ro'eg hei bleiwen . Et get haut kê Kuch . d'Garde--manger ass zo'gespârt .

Vivianne: Tatachen ... gef mer de Sclössel .

Tatta : Nên, haut net .

Setty : O Tatta , we' be's vun dir ..

Colette : Tatta , sief le'f , mir wölle vun haut un och ganz brâv sin ,

Tatta ; So' sot der all Dâg .

Vivianne: Tatta , ech gin der e gudde Rôt: Gef de Kuch eraus , oder mir gin elo an d'Patisserie niewenun .

Setty : Dât wär eng patent Idée ..

Tatta : Dât gläwe mer . Wann d'Tatta ge'w blechen.

Colette : Dât mecht si schon , si ass dach net eso' .

Tatta : Verloss dech drop .

Vivianne: Kommt , loss mer gleich goen , soss ass die' beschte Kuch fort wa mer kommen .

Tatta : Raumt awer nach t'iescht den Desch of, an donkt uecht dass der neischt briecht .

( si raume matenên ôf)

Colette : Hiew keng Angscht Tatachen , mir brieche neischt .

Setty : So' Tatta .do wire mer jo scho ferdeg . Kre'e mer dann elo Congé.

Vivianne: Oder huet ons Tatachen nach e Wonsch ?

Tatta : Mat iech nömmen ewech , a verdierwt iech êre Mô net .

Colette : Merci fir dê' gudd Rotschle' , vere'ert Joffer ...

( allen drei fort )

Tatta : So' gêt et de ganzen Dâg . Wann ech we'nigstens êscht bei der Sâch geng bleiwen . Awer emmer muss ech bei allem Ierger , erem lâchen , an dann ass alles verduerw. Haut kre'en se ower neischt durch geloss .. Kucken op ech se net gebändigt kre'en . ... Loss mech elo un d'Arbecht goen . Si wärde mech jo alt e beschen matt Ro' lossen .

---

## 2 ten Akt

I Szen : (d' Tatta setzt an der Fotell a streckt )

So', lo kënnen se kommen .... Ma des Ke'er wärden se hîren Här fannen ... E Gleck dass ech hannert hîre Plang ko'm sin.Do hätten se mech erem eng Ke'er gudd beduppst , a mech gudd ausgelâcht wann ech drop era gang wär .ech hu mei Dengschtmedchen , d'Lina an d' Sâch ageweiht, dât wärt mer schon höllefen ..

2 Szen : ( Et klappt )

Tatta : Entrez ..
d' Setty könnt eran als eng Hause'ereg verklêd , e Kuerf am Arm matt allerhand Sâchen dran .

Setty : Bujour Madame ... Kâft mer eppes klengs ôf, Madame ..Ech hun haut nach guer neischt verkâft .Kuckt hei , Madame ech hun elauter ieschtklasseg Sâchen ..

Tatta : Dât glâwen ech iech gär , mé ech brauch bestömmt neischt .

Setty : Eso eppes we' dât hei , sche' Bännercher . Wär dât dann neischt fîr êr Medercher ..

Tatta : Der hun ech keng , Dieu merci

Setty : An eng Zännbîscht , Madame , der brauch ên dach emmer eng.

Tatta : Och net , Madame . Der braucht êr Sâche guer net ausze-pâcken , ech hun iech jo gesot , dass ech neischt brauch.

Setty : Sêf brauch der awer bestömmt,Madame .( hölt Sêf eraus ) Kuckt hei ass wonnerbar Sêf , an so' bölleg ass se , ech gin iech IO Steck fir 25 fr .

Tatta ; Io Steck fir 25 fr . ( si hölt e Steck Sêf an d' Hand ) Geschter hun ech diselvecht kâft fîr 5 fr. Steck .Dât kann dach bâl net me'glich sin . Do ge'f ê jo d' haljegt drop gewannen .Da geng et sech jo naweml rente'eren fir der ze kâfen . Wârt ê Momeat lêch gin iech Soue sichen .
( d' Tatta wöllt ausgoen , bege'nt ower an der Dir den colette a kennt erem zreck matt him eran .

3 Szen : ( Colette als âl Joffer , matt engem Voile lascht d' Gesîcht kennt eran ).
--------

Colette : Bonjour Mamsell , Ech sin d' Présidentin vum Tierschutz-verein , an ech wollt froen ob dir net wöllt Member gin .

Tatta : Ech hun guer keng Hausde'eren . Keng Kâtz , kên Hond ; kê Kanarievull , an duerfir leit mer guer neischt drun fir an en De'erèverein ze goen .

Colette : Ma Joffer , denkt un êren Telly , dien der virun e puer Wochen îwerfuer krut . Dir hât dât De'er dach êso' gär.

Tatta : Wât wösst dir dann vu mengem Telly ?

Colette : (zur Seit) Omei , lo hât ech mech bâl verflappt .
( zur Tatta ) Ech wês neischt , nömme bei der Dîr hun ech e jongt Medche bege'nt , dât huet gesot ech soll ro'eg era kommen dir hätt emmer eso' e sche'nen Hond gehât, an dié wär îwerfuer gin .Dir hätt iech so'vill derfir ge-kränkt , an dir hätt schon emmer eppes wölle fir dât le'wt De'er stöften .

Tatta : Dâr war bestömmt eng vu mengen Niecen ... (et klappt) Entrez...

4 Szen : ( Setty , Colette Tatta ; Vivianne kennt eran ,als âl Fra verklêd , matt allerhand Kreider an der Hand )
------

Vivianne : Moie Madame , kennt der mech nach .. et ass scho lâng datt ech net me' hei an der Ge'gend war , an der wärt bestömmt kên Te' me' am Haus hun .

Tatta : Ech brauch och kên am Haus , well ech drenken dach kên.

Vivianne : Drenkt dir kên Te' , Madame .... da get et he'ch Zeit

dass dir dermatt ufänkt.Neischt ass besser fir d'Gesondhêt ass we' eng Tiesschen Te'.Dât ass e natirlicht Möttel an doriwer get et neischt .. Ech hun es hei,we' der e braucht Kâtzeschwanz , Wisegimmelchen , spatze Wegerich a brêden , Batralsem ....

Tatta: Dovu brauch ech neischt .

Vivianne: Dié beschten ower , an dien a kengem Haus soll fehlen d'âs hei den Peffermenz . En eusgezêchent Möttel fir de Mô an der Rei ze hâlen .
Tatta: Des hun ech selver am Gârt .
Vivianne : A Kame'leble'mercher ?
Tatta: Dèr kennt ên eventuel gebrauchen .. ve'vill verkâft der se.

Vivianne: IO fr . de Pâck ,Madame .
Tatta : Dât wär jo navell net ze deier . Da wârt ê Moment , ech gi Soue sichen .

5 Szen , tty , Vivianne , Colette , oni d' Tatta .

S etty : ( danzt an der Stuff ronderem) Prima .. Dât huet geklappt. d'Tatta huet guer neischt an uecht geholl .

Colette: Ech hât mech bâl era geried mat hîrem Telly .

Setty : E Gleck dass du gleich beihand hâs fir ze soen et hätt e jongt Medchen der et gesot ...

Colette: Jo , du duecht se direct dât wär ent vun eis gewiescht, an si ass bestömmt îwerzêcht mir wären an der Patisserie.

Vivianne: Lo gi mer awer och gleich dohin, wa mer eis Souen hun .

Setty : Jo , et fällt ê bâl vun de Bên vun Honger.

Colette : De' Ke'er hätte mer se mol rem gudd ugeschmiert ...

Vivianne: Ech gesich gär dât Gesîcht , wann s'et hemo eraus kret .

Setty : Si bleiwt navell lâng ewech .
Collette: Si wärt secher no Mönz sichen .
Vivianne: Psst ... roeg ... lo kent se . .....

6 Szen : Tatta kent eran an hannenun hîr d' Lina als Gendarem vèrklêd ..

Tatta : Hei sin se , huelt se direct fest , Et sin drei Bedre'eschen. Die do, ( si weist op d'Setty) de' huet mer meng Sêf gestuel , a si wollt mer se fir 25 fr verkâfen. De' âl Perso'n do, ( si weist op d' Colette) gêt Souen doremmer ophieven fir den Tierschutzverein . Ech hu mech direct emfrot , an et ass mer gesot gin si hätt keng Permissio'n duerzo' . An de' hei , de' gêt matt Te' fêl . Si huet mer e puer Zorten do gewiss an ech zweifele stârk drun op et îwerhâpt richtigen Te' ass. Si wär net ze sche'n fir d' Leidd ze vergöften .

Lina : Ma dât ass mir jo eng sche'n Zort .. Mir siche scho lang no dem Hêschepâck. Dann hätte mer s' elo allen drei beienên .( weist op d'Dîr a set ganz stramm: Viru mer

eraus elei , an elo se'er ...

Setty :(hölt d'Tatta ma'm Arem ) ma Tatta ...
Tatta : (mecht sech senger matt enger brüsker Bewegung lass .
Wât eng Gemenghêt ... Police , huelt mer di frech Perso'n hei vum Leiw .
Lina : Eraus ... Gêt et da bâl ... Dir verlugene Pâck ..

Colette:(ganz ängschtlich) Ma Tatta , kennst du eis da net me' ?
Tatta: A wo'hier soll ech iech da kennen .
Lina : Get nach emmer me' sche'n . Eraus,dir verstellerich Créaturen .
Allen drei mattenên : Tatachen ... dann hiew dach Erbârmen .
Lina : Hei get et kê Pardon me'. Wann der elo net guddwölleg git, da geheien ech iech matt Force eraus..
Vivianne: Um Gotteswöllen Tatta , da siew dach verstännig , mir si jo deng Niecen . ..( an engems hölt hat de Schâl vum Kapp ..
Tatta :(verwonnert ) O hei , dât ass jo d'Vivianne..
Setty an Colette : An ech d'Setty , an ech d' Colette ..

Tatta : Wirklech , et si meng Niecen .
Lina : Nu ge'f awer e Mönsch gescheit aus all dem Theater.
Tatta : So', wollt der mech also beschwindelen fir Souen ze kre'en , dass der an d'Patisserie kent goen .

Lina : ( dre'nt un der ugepechter Moustache bis s'erof gêt )
Nên eso' eppes ower . Wo' kann ên so' eng gudd Tatta eso' zum beschten hâlen .
Setty ; Gelt Tatta , lo le'sst eis owèr net festhuelen .
Colette: Mir hun et jo net eso' schlecht gemengt .

Lina :(Dêt seng Kâp of ) get engem bâl ze mârem an dem Gezei, (hatt dêt och sei Mantel aus a stêt am Kicheschirteg do)

Colette, Setty a Vivianne ( mattenên) Lina .....

Tatta : Jo , et ass d'Lina . des Ke'er war dir drei mol di Dommst derbei ..
Vivianne: Ma du hues deng Roll navell gudd gespillt Tatta .
Setty : Du hues eis de' Ke'er ellen erfe'ert .

Colette: Eis eso' unzeschmieren ...

Tatta : Dât huet iech guer neischt geschued .An de' kleng Le'er de' ech iech domatt wollt gin , wärd dir hoffentlech nach lâng verhâlen . ...

Vivianne: Ech wärd et so' bâl net me' vergiessen...

Setty ; d' Schuddere lâfe mir nach de Reck eran,ech mâchen allzeit ni me' matt.

Colette: So' gung et nach emmer . Wann ên engem âneren eng wöllt stîchten, da fällt ê selver eran .

Rideau
--------